Lëtzebuerger Guiden a Scouten



## Reegele fir Guiden- a Scoutsaktivitéiten am Kontext vun der Covid-19 Pandemie

*Dës Reegele gëlle fir all d'Aktivitéiten déi **nom 24. Dezember 2021** organiséiert ginn.*

| **Aktivitéiten OUNI Iwwernuechtung** (Versammlung, Sortie, Grupperot, …) | | < 12 Joer [1] | 12 bis 18 Joer [1] | ≥ 19 Joer |
|---|---|---|---|---|
| dobaussen | | Masken an Distanz sinn net obligatoresch | | |
| dobannen | ouni CovidCheck | obligatoresch Mask an Distanz vun 2 Meter ënnerteneen | | |
| | mat CovidCheck [2] | keng Restriktiounen | 3G Reegel :<br>✓ Geimpft [3]<br>✓ Geheelt [4]<br>✓ Getest [5] | 2G Reegel :<br>✓ Geimpft [3]<br>✓ Geheelt [4] |

| **Aktivitéite MAT Iwwernuechtung** (Weekend, Camp) | < 12 Joer [1] | > 12 Joer [1] | |
|---|---|---|---|
| CovidCheck [2] obligatoresch plus sanitärt Konzept [8] | Schnelltest [6] | 2G+ Reegel :<br>✓ Geimpft [3]<br>✓ Geheelt [4] | + Schnelltest [6,7] |

| **Aktivitéiten am AUSLAND** (Sortie, Weekend, Camp) |
|---|
| D'Reegelen, déi am jeeweilege Land gëllen, mussen agehale ginn. |

| **Aktivitéite mat méi wéi 200 Leit** |
|---|
| Sinn am Prinzip net erlaabt, brauchen e speziellt sanitärt Konzept, dat vun der Direktioun vun der Santé muss ugeholl ginn. |

Legend vun den Exponenten op der nächster Säit.

**Lëtzebuerger Guiden a Scouten**
5, rue Munchen-Tesch | L-2173 Lëtzebuerg
**+352 26 94 84 | covid@lgs.lu | lgs.lu**



E grousse Merci un eis Sponsoren

Lëtzebuerger Guiden a Scouten

1) An der Praxis : 12 Joer plus 2 Méint.

2) All Evenement, dat ënnert dem CovidCheck-Regime leeft, muss am Viraus bei der Direktioun vun der Santé ugemellt ginn (https://covid19.public.lu/fr/covidcheck/regime.html).

   Den Organisateur ass dofir responsabel, ze kontrolléieren dass all Participant e gëltege Certificat - entspriechend de jeeweilege Reegelen - huet (Kontroll mat der CovidCheck App).

   De CovidCheck-Certificat muss wärend der ganzer Dauer vun der Aktivitéit gëlteg sinn. Falls de Certificat am Laf vun der Aktivitéit ofleeft, muss de betraffene Participant d'Aktivitéit verloossen oder en zertifiéierte Schnelltest oder eng PCR maachen.

3) Vollstänneg geimpft (2 Dosen Impfstoff vu Pfizer/Biontech, Moderna, AstraZeneca oder 14 Deeg no 1 Dosis Impfstoff vun Johnson&Johnson).

4) De Certificat als „Geheelt" ass tëschent dem 11. an dem 180. Dag no der positiver PCR gëlteg.

5) Zertifiéierte Schnelltest, deen net méi wéi 24 Stonnen al ass oder PCR, déi net méi wéi 48 Stonnen al ass. Wann d'Gëltegkeet vun esou engem Test wärend der Aktivitéit ofleeft, muss de betraffene Participant d'Aktivitéit verloossen oder en neien zertifiéierte Schnelltest oder eng PCR maachen.

6) Dëse Schnelltest muss net zertifiéiert sinn a gëtt um Ufank vun der Aktivitéit op der Plaz gemaach.

   Den SNJ stellt Schnelltester zur Verfügung (an der Limite vun den Disponibilitéiten). Wann dir är Aktivitéit (Weekend oder Camp) umellt, gëtt den SNJ automatesch informéiert. Fir d'Schnelltester ofzehuelen, kënnt dir iech fréistens 2 Woche virun der Aktivitéit per Mail beim SNJ mellen (prets@snj.lu).

7) Participanten, déi eng „Booster-Impfung" (3. Dosis) kruten, mussen dësen Test net maachen.

8) Fir am Fall vun engem positive Fall den „Tracing" ze vereinfachen, muss fir all Weekend a Camp obligatoresch e „sanitärt Konzept" ausgeschafft ginn. Heizou gehéieren, ënner anerem, folgend Punkten:
   - Wéivill Participanten huelen um WE oder Camp deel a wéi sinn dës a Gruppen agedeelt ?
   - Wie schléift am selwechten Dortoire oder Zelt ?
   - Wien ësst um selwechten Dësch ?

**Bei Onkloerheeten oder Froen : covid@lgs.lu kontaktéieren**

*Auteuren : Dr David Heck, Metti Schmit, Angélique Krier, Marc Weis*

*Quellen : Covid-19 – Consignes dans le contexte de l'animation socio-éducative (secteur de l'éducation non formelle) à partir du 25 décembre 2021 – Direction générale du secteur de la Jeunesse*



E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG